N°6284
Reçu le 04.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Kulturministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6284 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Fir unzefänken wëlle mir betounen, datt d'Wierker, déi an der Schoul behandelt ginn, net no der Hautfaarf vum Auteur ausgewielt ginn. Allerdéngs erweist sech grad an de Geeschteswëssenschaften eng multiperspektivesch Approche als sënnvoll. Dobäi handelt et sech ëm de geneeë Contraire vun enger rassistescher Demarche.

Eng multiperpektivesch Approche setzt de Stellewäert vun der Lëtzebuerger an europäescher Kultur dach net erof : mir erënneren an dësem Kontext un déi sëllech Efforten, déi den Éducatiounsministère an de leschte Joren ënnerholl huet, fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur an der Schoul ze förderen. Och déi staatlech Kulturinstituter sinn un dësem Prozess bedeelegt, sief et duerch d'Formations continues, déi se ubidden, oder duerch d'Editioun vu pedagogeschen Dossieren an didaktesche Carneten iwwer d'Lëtzebuerger Literatur, respektiv d'Lëtzebuerger Musek.

Wat déi wëssenschaftlech Fächer betrëfft, sou geet et drëms, geséchert Erkenntnisser, déi op enger zolitter wëssenschaftlecher Basis berouen, ze vermëttelen, an net ëm d'Hautfaarf oder d'Geschlecht vun de Fuerscher oder Wëssenschaftler.

Ofschléissend géife mir all Concernéiert drëms bieden, onpolemesch a mat där néideger Sachlechkeet un dës Froen erunzegoen.

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH